

Ethikcode fir Archivisten

1. D'Archivisten protegéieren d'Integritéit vun den Archiver a garantéieren op dës Aart a Weis, datt se e seriöse Beweis vun der Vergaangenheet bleiwen.
2. D'Archivisten bewäerten, sélectionéieren a versueren Archiver an hirem historiesche, rechtliche an administrative Kontext, fir esou d'Provenienzprinzip ze respektéieren an hir originär Zesammenhäng z'erhalen an ze verdäitlechen.
3. D'Archivisten protegéieren d'Authentizitéit vun den Dokumenter während der Bearbeschtung, Conservatioun an Utilisatioun.
4. D'Archivisten assuréieren permanent d'Kommunikabilitéit an d'Verständlechkeet vun den Dokumenter.
5. D'Archivisten versueren hir Opzeechnungen iwwert d'Beaarbechten vun Dokumenter a mussen amstand sinn, hir Aktiounen ze justifiéieren.
6. D'Archivisten setzen sech fir de gréisstméiglechen Accès zu Archiver a bidden onparteiessch Servicer fir all Utilisateuren un.
7. D'Archivisten respektéieren esouwuel den Accès ewéi och den Dateschutz an agéieren am Kader vun der aktueller Legislatioun.
8. D'Archivisten gebrauchen dat speziell Vertrauen, dat hinnen entgéint kënnt, am Interessi vun der Allgemengheet an évitéieren vun hirer Positioun ze profitéieren, fir sech oder anerer ongerecht Virdeeler erauszézéien.
9. D'Archivisten probéieren de beschte professionelle Niveau z'erreechen, andeems se systematesch a permanent hiert archivistescht Wëssen verdéiwen an d'Resultater vun hire Recherchen an hirer Experienz mat aneren deelen.
10. D'Archivisten schaffen mat hire Kollegen an hirem Beruff an aneren zesammen, fir d'Conservatioun an d'Utilisatioun vum dokumentaresche Patrimoine vun der Welt weider z'entwéckelen.

Lëtzebuergesch Iwwersetzung vum *Code of ethics for archivists*, adoptéiert op der Generalversammlung vum Internationalen Archivkongress de 6. September 1996 zu Peking, op Basis vum engleschen Original. Weider Erklärungen an Detailer zu verschiddene Punkten si wann ech gelift an der englescher, däitscher oder franséischer Versioun nozeliesen, déi a PDF-Form ënnert der Webadress <http://www.wien2004.ica.org/en/node/30046> ze fanne sinn.

Vun der ALBAD adoptéiert per Vote duerch d'Generalversammlung vum 22.03.2013. Translation by / Iwwersetzung duerch: Jean-Marie Reding, ALBAD-President.